



Energiekooperativ Kanton Réimech

Newsletter

08-2023



Endlech ass et esou wäit: Eis éischt Fotovoltaik-Anlag mat enger Leeschtung vun 29,6KWp speist grénge Stroum an d'Netz.

Op der Foto erkennt een déi éischt 10 KWh déi schonn agespeist gi sinn. An nächster Zäit kënnt dir d'Produktioun vun der Anlag op eisem Internet Site www.ekr.lu verfollegen. Villmools Merci der Gemeng Munneref dat si eis den Dach zur Verfügung gestallt huet, a fir déi onbürokratesch Hëllef vun hire Servicer bei der Realisatioun vun eisem Projet.



Diskussiounen mat den neie Gemengeréit si lancéiert a mir hoffen Iech an den nächste Méint nei Projete presentéieren ze kënnen. D'Stroumproduktioun mat der gratis Ënnerstëtzung vun der Sonn ass also lancéiert an d'Kooperativ leescht domat elo och en aktive Bäitrag um Wee zur energieetescher Eegeversuergung vun eisem Land. D'EKR wënscht Iech all nach schéi Summerdeeg mat vill Sonnestonnen.

EKR.lu

Energiekooperativ
Kanton Remich 1, Place
des Villes Jumelées
L-5627 Mondorf-les-bains

Share on social



Email schreiben →